# WANDROUS

LIONS BLEUS
Ausgab N°389
OKTOBER-DEZEMBER'24

**WANDROUS**
Redaktion: **Cheffenekipp LBB**
Respo fir den Drock & Verschécken: **LBB**
Exemplaires: **230**
Paperless: **75/230**
E-Mail: **wandrous@lionsbleus.lu**

**LIONS BLEUS**
Online: **www.lionsbleus.lu**
Infos générales: **cg@lionsbleus.lu**
Location chalet: **location@lionsbleus.lu**
Compte Groupe LBB:
**CCPL IBAN LU82 1111 0498 5493 0000**

## LBB goes AG FNEL'24

....Cheffen & Comité...



**! UP TO DATE MAT DER WANDROUS !**
**Lies d'Wandrous an entdeck Neiegkeeten aus der Welt vun den Lions Bleus.**

Périodique des LIONS BLEUS BONNEVOIE a.s.b.l. (Affilié à la FNEL)
Adresse Postale: B.P.23 L-5801 HESPERANGE

Fannt eis op **Facebook**
www.facebook.com/lionsbleus

# Waat brauchs DU fir Geld ze spueren? *

Loscht op **gudd Scoutsmaterial** an op **eng exellent Beroodung**?
DU hues eng gülteg Memberskaart vun den LIONS BLEUS!
Dann ass hei Adress fir dëch:
**VIKING-ADVENTURES zu Tréier!**
Paulinstrasse 25   D-54292 Trier




**d'LIONS BLEUS**
kaafen beim
**VIKING-ADVENTURES !**

* **DU** kriss op ALL Artikel **10% Ermässegung**, wanns DU déng **gülteg Lions Bleus Memberskaart** fiirweisen kanns !!!




**www.viking-adventures.de**

# LES AMIS DES LIONS BLEUS



Erënners och DU dëch un déi Camp'en, déi sëch herno als mémorabel erausgestallt hun, un d'Aktivitéiten wou's DU dëch herno gefroot hues, wéi daat méiglech wor, schwätz och DU haut nach all kéiers iwwer déng Scoutszäit wanns de een vun déngen aalen Scoutsfrënn erëmgesais?

Bass och DU frou dat déng Kanner an den Scouten sinn, an schmunzels DUnët heiansdo wann déng Kanner no enger Aktivitéit, dreckeg an midd, mee mat blénkegen Aan verzielen waat Sie Alles zesummen um Camp erliewt hun? Bass DU nët heiansdo eng Grimmel melancholësch dat's DU mat dénger Scoutszäit oofegschloss hues, oder einfach aaner Weeër gaang bass?

Bedenk dat während dénger Scoutszäit Cheffen do woren déi sëch ëm dëch gekëmmert an gesuergt hun, an elo sinn nach ëmmer Cheffen do, déi sëch ëm déng Kanner këmmeren an suergen. Dat d'Home ënnerhaal, gebotzt, vergréissert ginn ass an nach ëmmer zu 100% genotzt gët.

Vun all Scoutsgeneratioun hun sëch der e puer dozou entscheed Responsabilitéit ze iwwerhuelen, an wieder un dem Scoutswee ze bauen deen virun iwwer 100 Joër vun Brownsea aus an déi ganz Welt erausgebaut ginn ass.

Wëlls och DU dat d'Scouten weider bestoën bleiwen kënnen an dat weiderhin d'Kanner an Jugendlecher ausgebild, an op hieren Liewenswee viirbereed ginn?

## Dann zéck nët an gëff elo direkt Member vun den ‚Amis des Lions Bleus‘

D'Amis des Lions Bleus bestinn zum Deel aus aktiven wéi inaktiven Memberen, mee och aus Elteren, Frënn an Bekannten, déi ALL een gemeinsamt Ziel hun: D'Weidergoën vun den Lions Bleus ze garantéieren. Och wann ee Deel vun deenen Memberen weiderhin am Hannergrond fir de Groupe aktiv sinn, verhënneren Sie awer Alleguerten mat hieren Don'ën, dat déi aktuell an déi nächst Cheffengeneratioun nët duerch Geldsuergen vun hierer Haaptcharge oofgelenkt ginn.

D'Amis des Lions Bleus sinn Lèit déi nët wëllen, nët kënnen, keng Loscht oder einfach keng Zait méi hun fir sëch aktiv bei den Lions Bleus ze engagéieren, an dowéinst dem Groupe op eng onkomplizéiert an extrem efficace Manéier hëllefen, duerch regelméisseg Don'ën.

D'Kapital waat esou am Laaf vum Joër zesummen kënnt gët vum Comité de gérance verwalt, d'Konten stinn fir Jiddereen op, an ginn wéi all Joër op der Assemblée générale veröffentlecht.

**Dofir ënnerstëtz och DU ons w.e.g.**
mat engem Ordre permanent*
**vun 5,00€ / 10,00€ / 15,00€** pro Mount**
op onsen CCPL: LU82 1111 0498 5493 0000
mat der Mentioun ‚Les amis des Lions Bleus + Numm oder Anonyme

*fir onsen Budget besser kënnen opzedeelen zéihen mir fiir regelméisseg en klengen Bäitrag ze kréien, esou kënnen mir mat an op een ‚revenue' zielen, an domadder rechnen. No Ënnen an Uëwen sinn keng Limiten gesaat. Natiirlech freen MIR ons iwwert en eemolegen oder regelméissegen Don !

**Mir sinn der Meenung dat eng kleng an regelméisseg Finanzsprëtz villaicht méi liicht ze verkraaften ass Vun 15,00 Euros pro Mount un, sinn selbstvertsändlech Memberskaart/Wandrous natiirlech gratis! Wéi's DU an zwëschenzäit konns feststellen sinn eng ganz Rei vun Memberen an Frënn nach ëmmer mat Freed dobai!

**Hinnen sief vun hei aus een Décken MERCI gesoot !**



**Léif Memberen, Léif Elteren, Léif Frënn,**

Iwwerall op der Welt ginn ët de Moment Diskuss-iounen iwwer de Klimawandel sozial an ekologësch Responsabilitéit an eis Zukunftspläng. Vun Greta Thunberg bis Greenpeace huet Jiddereen sain Plang wéi en eis Zukunft an eisen Planéit verbesseren wëll an ët ass mëttlerweil een Thema, daat een net méi ignoréieren kann.

Dowéinst hun d'Lions Bleus entscheed Moossnahmen ze huelen, fir an dësem Sënn & Thema och Verantwortung ze iwwerhuelen. Keng plastiks Schalimo'en um Léiwefest, Plastik-Verpackungen evitéieren wou ët geet an nach méi op d'Natur oppassen wéi mir daat bis elo schon gemaach hun.

Dëst wëllen mir och gären un eis Emgéigend weiderginn.

Dowéinst...fir Unzefänken:
Hun mir entscheed dës éischt Schrëtt bei eiser Zeitung, der Wandrous, unzefänken...

Mir ginn iech d'Méiglechkeet ze entscheeden op een séng eegen Wandrous nach wëll per Post an der Bréifkëscht hun, op een eng Wandrous pro Adress geschéckt kréien wëll oder op een wëll iwwer Email informéiert ginn, dass déi nei Wandrous online ass.

Gären kënnt dir eis folgend Souche oofginn, an mat Iech an eis zesummen ansetzen fir eng besser Welt!




Heimat wëll ech ........................................................ méng Wandrous an Zukunft:

- ☐ weiderhinn wéi ëmmer mat méngem Numm an d'Bréifboite kréien.
- ☐ fir eis Famill een eenzegen Exemplaire zesummen kréien.
- ☐ per Mail informéiert ginn, dass déi aktuell Wandrous um LBB-Site online ass.
  Dëst op d'Adress: ..........................................................................
- ☐ nët méi informèiert ginn oder eppes geschéckt kréien.

# CHEFFEN 2024-2025

## Simply present LBB-STAFF for 2024-2025:



**Léif Elteren,**
Dëst sinn dèi Jugendlëch (an manner Jugendlëch) deenen Dir Är Kanner roueg kënnt unvertrauen. All d'Branchen-Cheffen hun déi Formatioun gemaach dèi vun der FNEL verlaangt gët fir kënnen Chef an deenen verschidden Branchen ze sinn. E groussen Deel vun den reschtlechen Responsabelen sinn am gaangen hier Formation ze maachen. Sie genéissen daat voll Vertrauen vum Comité.
Zéckt nët fir Sie ze kontaktéiren wann Dir Froën hudd oder zousätzlëch Informatiounen braucht.

**Chef de Groupe / Assistants Chefs de Groupe:**
FLAMMANG Raphael (Mankei)
LAMAMRA Harry (Mammut)

**Contacts:**
Allgemeng E-Mail: **cheffen**@lionsbleus.lu
just Chef de Groupe: **cg**@lionsbleus.lu

**Konto fir GR-Aktivitéiten:** Les Lions Bleus - Rover / BCEE: IBAN LU83 0019 4955 9103 3000

**BEAVER (BV)**
FRISCH Danie (GriGri)
BOURQUEL Chris (Titan)
DIEDERICH Nora (Jolly)
FLAMMANG Raphaël (Mankei)
ORELLANA Ruben (Reebou)

**Konto:**
Les Lions Bleus - Beaver
> BCEE: IBAN LU91 0019 4955 9097 0000

**Allgemeng Email**: **beaver**@lionsbleus.lu

**MEUTE (LX)**
RODESCH Jasmine (Matka)
WOHLGENANNT Amélie (Raschka)
HAUENSTEIN Kiara (Kala)
PEPIN Levi (Keego)
MILLIM Alex (Bagheera)
HAUENSTEIN Tasha (Ikki)

**Konto:**
Les Lions Bleus - Meute
> BCEE: IBAN LU56 0019 4955 9099 1000

**Allgemeng Email: meute**@lionsbleus.lu

**TROUPE (SG)**
PIRON Aleksis (Pongo)
PIRON Nicolas
LAGADEC Manon
ZAHLEN Chiara
HEINEN Catherine (Fugu)
DUARTE Lea
PEPIN Cédric

**Konto:**
Les Lions Bleus - Troupe
> BCEE: IBAN LU65 0019 4955 9100 5000

**Allgemeng Email: troupe**@lionsbleus.lu

**EXPLORER (EX)**
LAMAMRA Harry (Mammut)
MAJERUS Max (Lynx)
FRISCH Pit

**Konto:**
Les Lions Bleus - Explorer
> BCEE: IBAN LU30 0019 4955 9102 6000

**Allgemeng Email: explorer**@lionsbleus.lu

**ROVER (RO)**
MAJERUS Max (Lynx)
FLAMMANG Adrien (Loup)
ENGLEBERT Lara (Dama)

**Email: rover**@lionsbleus.lu

**TEMBO (TB)**
SCHMITT Lex (Atra)
FISCHER Manon (Tamia)


**Email: tembo**@lionsbleus.lu

# FICHE MÉDICALE 2024-2025

**Léiw Elteren,**

Vum lëtzebuergëschen Gesetz hir sinn mir verpflicht, ëmmer um neisten Stand ze sinn, waat d'Gesond-heet an d'Wuelbefannen vun ärem Kand ugeet. Dowéinst wëllen mir Iech bieden, fir d'Scoutsjoër 2024-2025 eng Fiche Médicale auszefëllen an den Cheffen oofzeginn. Dës ganz Donnéen ginn vertraulëch behandelt an ginn vun den jeweilegen Cheffen en Diskretion stockéiert.
Gesetzlech sinn mir ausserdem verpflicht, no engem Joër dës Fichen ze vernichten, esou dass keen méi Accès op dës Donnéen huet.
Dës Fiche fann dir op eisem Site ënnert dem Lien "Publications" (http://www.lionsbleus.lu). Déi komplett ausgefëllten/ënnerschriwwen Fiche Médicale kënn dir dem respektiven Chef oofginn oder op eis Boite Postale schécken.
Leider kënnen mir ärt Kand nët méi mathuelen, wann dës Fiche nët bis den 19.Oktober 2024 richteg ausgefëllt an bei ons ukomm ass.

Merci fir ärt Versteesdeméch



## Fiche santé individuelle
2019-2020

A compléter par les parents ou tout membre majeur au début de chaque anné[illegible] camp.

**Cette fiche a pour objectif d'être au plus près de votre enfant/de vous-même [illegible] de nécessité. Elle sera un appui pour les responsables scouts ou le personnel soignant en [illegible] de beso[illegible] est essentiel que les renseignements que vous fournissez soient complets, corrects [illegible] à jour au [illegible] des activités concernées. N'hésitez pas à ajouter des informations écrites ou [illegible] des animateurs si cela vous semble utile.**

**Identité du participant**
Prénom: | Nom :
Date de naissance : | Matricule :
Adresse:
E-mail : | Tél. / GSM :

**Personnes à contacter en cas d'urgence**
1.Nom & Adresse :
Lien de parenté :
E-mail : | Tél. / GSM :

2.Nom & Adresse :
Lien de parenté :
E-mail : | Tél. / GSM :

**Médecin(s) traitant(s)**
1.Nom & Adresse :
E-mail : | Tél. / GSM :

2.Nom & Adresse :
E-mail : | Tél. / GSM :

**Informations confid[illegible] concernant la santé du participant**
Le participant peut-il prendre [illegible] aux activités proposées ? (sport, excursions, jeux, natation…)

Raisons d'un[illegible] éventuelle [illegible] participation

Y a-t-il des [illegible] médical[illegible] spécifiques importantes à connaître pour le bon déroulement de l'activité/ du camp ? (ex.: problèmes cardi[illegible] épilepsie, asthme, diabète, mal des transports, rhumatisme, somnambulisme, affections cutanées, h[illegible] moteur ou mental…) Indiquez la fréquence, la gravité et les actions à mettre en œuvre pour les éviter et/ou y réagir.

SPECIMEN

**Chers parents,**

Vu la législation luxembourgeoise, nous sommes obligés à être à l'actuel de la santé et du bien-être de vos enfants. C'est pourquoi par la présente, nous vous demandons de remplir correctement et signer une fiche santé individuelle de votre enfant pour l'année scoute 2024-2025 et de la remettre aux responsables respectifs. Ces données évidemment personnelles sont garantis à être traitées avec discrétion et ne sont utilisés que par les personnes responsables concernées.
Egalement, obligés par loi, après 12 mois, nous procédons à la destruction définitive des données pour supprimer tout accès aux données confidentielles.
Vous trouverez cette fiche sur notre site internet sous le lien "Publications" (http://www.lionsbleus.lu). Nous vous prions alors de bien vouloir remettre cette fiche dûment remplie aux responsables respectifs ou de l'envoyer à notre boîte postale.
Votre enfant ne peut malheureusement plus participer aux activités, si cette fiche n'est remplie et remise avant le 19 octobre 2024.

Merci pour votre compréhension

**Meilleures salutations scouts :)**
Gremium chefs de groupe



**En neit Scoutsjoer fänkt un.**
Et gët grouss Beaver, Wëllef an Scouten, déi den nächsten Schrëtt op hierem Scoutswee maan. Sou gët aus engem grousse Beaver e klengen Wëllefchen, aus engem groussen Wëllefchen e klengen Scout an aus engem groussen Scout e klengen Explorer.
Mell dëch also sèier un, fir déng Scoutskollegen op dësem Wee ze begleeden an zesummen e flotten Weekend ze erliewen.



**Wèini:** **05.10. - 06.10.2024**

Beaver(BV): 05. Oktober 24 um 14h00-17h00 jeweils beim Home LBB

Wellëf(LX): 05.Oktober 24 um 14h00 beim Home beim Home LBB
Start SG/EX: 05.Oktober 24 um 10h00 op der Gare Centrale Luxembourg

Schluss LX/SG/EX: 06.Oktober 24 um 15h00 beim Home LBB


**Präiss:** **21,00 €**, bis den 22.September 24 op den Compte: Les Lions Bleus - Rover (BCEE IBAN LU83 0019 4955 9103 3000) ze iwwerweisen, mat der Mentioun: Montée'234Numm vum Participant.
> **Bezuelen muss jiddereen deen do schléift** !!!

**Souche:** Oofzeginn/Mail op cg@lionsbleus.lu bis spèidstens den 22.September 24 !!!

**Waat brauchen LX/SG/EX :**
Uniform, Schloofsaack&Carrymatt, Täschenluucht, Täschenmesser (ab SG), Bidon m.Waasser, Ersatzkleeder, Wäschsaachen, Biergschong.....

**>>> Opgepasst !!! SG & EX** brauchen zousätzlech een **Pic-Nic fir SA-Mëttes** !!!

**d'CheffenEkipp**



Ech …………………………………………………… erlaaben méngem
Beaver/Wëllefchen/Scout/Explorer/Rover/Tembo

……………………………………………………………

un der **Montée 2024** vum **05.10.-06.10.2024**
zu Bouneweg deelzehuelen.

……………………………………

Ënnerschreft vun den Elteren



# home lbb LBB SECOND HAND shop 12.10.24

## VERKAAFEN

Du hues vill **Scoutssaachen** doheem déi **ze kleng** sinn oder **net méi gebraucht** ginn an awer **ze schued** si fir fort ze geheien?
Dann ass daat hei deng Geleeënheet fir deng Saachen en neie Besëtzer ze fannen:
Den **LBB-Second-Hand-Shop!**

Op dësem Dag kanns du dir am **Home LBB** en Dësch lounen an e Stand mat **denge Scoutssaachen** maachen fir dës ze **verkafen**!

Egal op Rucksak, Schlofsak, Uniform, Messer, oder Gamelle. Alles kann hei iwwer den Dësch goen.

**Detailer:**

- Ab 14h30 kann opgeriicht ginn.
- Um 15h00 geet et lass.
- Dësch(er) am Viraus per Mail reservéieren:
  -> comite@lionsbleus.lu
- Jidderee muss sech selwer em säi Wiesselgeld oder Bezuelsystem këmmeren.

## KAAFEN

Du brauchs **neit Scoutsmaterial**, wëlls awer net an e grousst Geschäft?
Ass dir eng komplett nei Ausrüstung fir d'Scouten einfach ze deier?
Ma dann komm an eise Second-Hand-Shop stöberen! Et ass sécherlech och eppes fir dech dobäi!

**Ab 15h00 geet et lass! Komm kucken!**

## LBB-Shop

Och eisen normale **Lions Bleus Shop** huet deen Dag d'Schëld op **OPEN**!

Am **LBB-Shop** an eisem Home kriss du **Gruppesaachen** ewéi **Hoodie, T-Shirt, Foulard** & an nach **villes méi**.

Du kriss also alles wat mat de Lions Bleus ze dinn huet, awer och Kniet fir un däi Foulard, Scoutsbichelecher ewéi och de Vademecum...

**Komm** laanscht a **kaf op der Plaz** wats du brauchs...

... oder **bestell** am viraus iwwer eise **Pop-Up Shop**.
De Link dofir fënns du op eisem Site ënner der Rubrik Shop
oder direkt hei mam QR Code

# RÉUNION DES PARENTS
## PARENT'S MEETING



This year, our group has grown again and welcomed many new members. That's why we're holding a parents' meeting.

Here you will receive all the important information for the Beavers and Cubs branches to ensure that the year runs as smoothly as possible. This is why this meeting is **MANDATORY for all new parents.**

We therefore invite all new parents to register for one of our two meetings, either on the :

Cette année, notre groupe a de nouveau grandi et accueilli de nombreux nouveaux membres. C'est pourquoi nous organisons une réunion des parents.

Vous recevrez ici toutes les informations importantes pour les branches des Beavers et les louvteaux pour que l'année se déroule aussi bien que possible. C’est pourquoi cette réunion est **OBLIGATOIRE pour tous les nouveaux parents.**

Nous invitons donc tous les nouveaux parents à s'inscrire à l'un de nos deux rendez-vous, soit le :

LIONS BLEUS
BONNEVOIE

**12/10/2025** at **4.15pm**
in **English**

oder/ou

**19/10/2025** à **16h15**
en **Francais**




To register, just send an e-mail to cg@lionsbleus.lu. Both meetings will be held in our chalet.

Pour s’inscrire, il suffit d'envoyer un mail à cg@lionsbleus.lu. Les deux réunions se tiendront dans notre chalet.

# WEEKEND | FIR SC/EX/RO/TB



An der Hoffnung dass mir dës Joër genuch Äppel hun, maachen mir erëm een ViizWeekend. Samsdes gesinn mir eis moies fréi ier d'Sonn opgeet beim Home fir dann zesummen duerch onst Ländchen ze fueren, op der Sich no deenen schéinsten an beschten Äppel. Se ginn geraaf & geplèckt, d'Beem gi gerëselt an geheemelt. Sonndes dann ginn d'Äppel raséiert, gewäsch, geschnidden, gehäckselt, gekeltert, gestériliséiert, gedronk & giess...

**> Looss dir deen Gaumenschmauss nët entgoën!!!**

**RENDEZ-VOUS** & **RETOUR**:
19. Oktober 2024 um 9:30 Auer
20. Oktober 2024 ab 14:00 Auer jeweils beim Home LBB.

**PRAISS**: **25 Euro**
sinn bis den 12. Oktober 2024 ze iwwerweisen op de Compte:
BCEE Les Lions Bleus-Rover (LU83 0019 4955 9103 3000)

**SOUCHE:**
Ass oofzeginn bis den 12. Oktober 2024 bei dèngen Cheffen.

**MATERIAL:**
dem Wieder ugepasste Kleeder, Gamelle, Besteck, Becher, Schloofsaack, fest Schong, Wäschsaachen, Schaffhännchen, ...
**+ 2 eidel** & **propper Fläschen** mat déngem Numm drop fir dain Viiz...

Sonndes, den 20.10.2024 ass och eis :
Traditionell **Äppelstuff** & ganz nei >>> eisen **KniddelDësch**
wou all LBB (natiirlech och Beaver & Wëllef) mat Famill an Frënn härzlëchst op e Patt frëschgepresste Viiz an e Stèck Äppelkuch an eis Äppelstuff (Alles fir 1€) agelueden sinn ...

Méi Infos op der nächster Sait...

Ech ______________________________________

○ ginn gären mat op den **Viizweekend 2024** vum 19.-20.Oktober 2024.

___________________________
(Ennerschreft vun den Elteren)




## wat, wou, wéini?

D'Lions Bleus invitéieren op hirt éischt

**ALLYOUCANEAT-Kniddelsiessen**

**MIR STARTEN UM 11H30 mam Apéritif**
**D'KNIDDELKICHEN ASS OP VU 12H - 14H**
**(leschten Bestellung um 13h30)**

**Umellen op comite@lionsbleus.lu bis den 17.10.2024**

## MENÜ

Glas **frësche Viiz**

–

**Kniddelen** (vegetaresch oder mat Speck)
frëschgekachte **Kompott**
Gréng **Zalot**

**Praiss 16 EUR**
(ze bezuelen op der Plaz)

# FNEL Aktivitéiten | FIR RO/TB







# FNEL Aktivitéiten | FIR EXPLORER (EX)

fnel
scouts & guides

EXPLORER

## Explorer Kachduell

Moie léif Explorer,

Wann dir Loscht hutt mat eis an den aneren Explorer de Bräiläffel ze schwéngen an ee leckere Menü ze zauberen da maacht mat op eisem Kachchallenge!
Wei genau alles ofleeft dat gitt der den Dag selwer nach gewuer.

GANZ WICHTEG, aus organisatoreschen Grenn muss all Unitéit dest Joer eng duebel Gasspann matbrengen. Dat bedeit mat enger Gasfläsch sollen zwou Gasspannen kennen bedriwwen ginn. Dat ass alles wat dir musst matbrengen.

Den Treffpunkt ass Samschdes den 02.11.2024 um (14:00h um Fetschenhaff (Siège FNEL)) an ass och do rem um (21:00 eriwwer.)hues

Dir braucht näischt matzebréngen ausser eng Gamelle an är Kachkënscht.
Umelle kennt dir (iech Gruppewies) bis den 23.10.2024 op (explorer@fnel.lu). Dat Ganzt kascht 12€ pro Persoun déi dir och w.e.g (pro Grupp) mat der Mentioun Kachduell op folgende Kont musst iwwerweisen:
(FNEL - Programme LU95 0030 0457 4525 6000 )



Ganz wichteg ass et dass dir eis och matdeelt op dir Allergien hutt, Veggi oder Vegan sidd.

Vir de Rescht hoffe mer dass mir iech all deen Dag gesinn.

LP
**Är Explorerequip**

Dëst Joër ass ët nees esou wäit !




D'Lions Bleus lueden d'Beaver an d'Wëllef an,
op een grujelegen HalloweenNoMëtteg bei eis
am Home mat Musék, Iessen, Gedrénks, Spiller
a vill méi ...



Natiirlech gehéiert hei eng cool a grujeleg Verkleedung dobäi !
Mell dëch séier un, sou dat mir alleguer d'Zutaten fir den Zaubertrank
bestellen kënnen.
... hu - ha - ha - hu- ha - ha ...



Rendez-Vous & Retour:
Samstes, den 9.11.23 vun 14-17 Auer jeweils beim Home

Präiss: 10 Euro sinn bis den 2.11.24 ze iwwerweisen op den Compte (BCEE Beaver - IBAN Lu91 0019 4955 9097 0000) mat der Mentioun HalloweenSortie + Numm vum Kand

Souche: oofzeginn bis spéitstens den 2.11.2024 !!!

Waat brauchs du:
Eng cool an grujeleg Verkleedung !!!

Heimat erlaaben ech ______________________________ méngem Kand

______________________________ den 09.11. 24 op d'HalloweenSortie matzegoen.

Datum & Ënnerschrëft: ______________________________



# LBB SCHAFF-WEEKEND



**UN ALL**
**EXPLORER, ROVER, CHEFFEN, COMITE, AMICALE, CP'en & FRËNN**

D'Fënsteren si knaschteg, d'Hott fetteg, Mauren beschmiert, iwwerall Spawecken, Luuchten déi nët méi fonctionnéiren, Plättercher déi lass sinn an ...

Domadder soll elo Schluss sinn. Dofir gesinn mer ons um Schaff-Weekend vum 16.-17.11.2024 am Home vun den Lions Bleus. Den ganzen WE kascht nix/nada=0 €, awer e Kuch oder Taart > daat soll awer nët däin Schued sinn. Natiirlech gët nët nëmmen geschafft. NeeNee !!!

Mir wärten all déi Lèit belounen déi esou tatkräfteg gehollef hun de ganzen Weekend! Waat gët gemaach? Daat ass eng Iwwerraschung. Mee dir soll gesoot ginn, dass Näischt vun Näischt kënnt :):):)
Allerdéngs ass ëmmer eng Aarbëscht dobai déi dir perséinlech am beschten gefällt an déi's du och gudd kanns! Besser kanns du nët ewech kommen! An waat mer zu mèi sinn, waat besser!

**WICHTEG INFOS:**

Rendez-Vous: Den 16.November 24 um ...8 Auer MAT Kaffi
...9 Auer OUNI Kaffi
Schluss: Den 17.November 24 um 16 Auer.
Wou? Natiirlech am Home.

Waat brauchs du? Schaffhännchen, nët déi neisten Kleeder & natiirlech gudd Laun an vill Motivatioun...



**Unmelldung/Souche?**
Dës kanns du oofginn bei engem Chef/Comitésmember oder du schécks e Mail op: **comité@lionsbleus.lu**



Heimat mellen ech ______________________________ mëch fir de Schaff-Weekend am Home fir den 16.-17.November 2024 un & kommen Samstes op de Start:

◯ um **8 mat** Kaffi ◯ um **9 ouni** Kaffi (WEG ukraizen)

Datum & Ënnerschrëft: __________________



# MIR ginn SCHLITTSCHONG fueren !!!

**Sou lues verstëpsen eis Schlittschong am Keller.
Dofir gët ët héisch Zäit dass mir së mol erëm benotzen!!! Mell dëch also séier un fir dat mir och mat DIR puer Pirouetten dréinen kënnen.**

**Wèini:** Den 30.November 2024 um 10h30 um Parking vun der Schlittschongspist op der Kockelscheier
(42 route de Bettembourg L-1899 Luxembourg)

**Retour:** 12h30 baussen bei der Entrée vun der Schlittschongspist

**Präiss:** 4€ sinn mat op den Rendez-vous ze brèngen
+ 4€ fir d'Locatioun vun Schlittschong

**Souche:** ass oofzeginn bis spèidstens den 9.11.24 !

**Waat brauchs du:** Passend Kleeder undoën !!!
(Händschen, Schaal, Mutz, déck Strëmp...), FOULARD & eppes fir ze drénken an eppes Klenges fir ze iessen/Snack!

**BEAVERKLACK**

---

Heimat erlaaben ech .................................... méngem Beaver ............................................................ den 30.11.2024 un der Schlittschong-Sortie deel ze huelen.



.................................... ...............
Ënnerschrëft Schonggréisst vum Kand

# ROVER-TEMBO-WEEKEND
## Wanter Editioun 2024

Ganz genee, du lies richteg,
am Dezember steet nees e Rover-Tembo-Weekend virun der Dier.
Sou an elo nët méi laang gesabbelt, du wees jo souwisou ëm waat ët geet...
Also mell dëch einfach un ;)

**Wéini: 30.November - 1. Dezember 2024**

Rendez-Vous: Samstes, 30.11.24_moies_Gare Dommeldange
Retour: Sonndes, 1.12.24_+/- 16-17:00 Auer_Gare Dommeldange

**!!! more details/infos after inscription !!!**

Material: Pic-Nic fir Samschdes-Mëttes, Gegrills fir SO-Mëttes, Carry-Mat, Schloofsaack, e Rucksaack voller Informatiounen & Motivation, 8 8-tëcher, .......

Däin groussen Rucksaack gët wèi ëmmer gefouert an däin klengen Rucksak hëlls du mat ob den Trajet...

**Umeldung** bis spèidstens den 23.11.2024,
**per mail beim LYNX op: majerus.max@outlook.de**

- - - Also bis dann um RoverTemboWeekend - Wanter Editioun 2024 - - -

# Chrëschtmaart

18H30 - 21H00 **07.** DECEMBER

**WOU?** BEI EIS AM HOME

**FIR WIEN?** JIDDEREEN (KANNER, ELTEREN, FAMILL A FRËNN)

**WAT ERWAART IECH?** WAARME GLÜHWÄIN, SCHOCKI, BOXEMÄNNCHEN, MUSEK, AMBIANCE, DE KANNER HIER BASTELSAACHEN AN NATIERLECH KENNT DE KLEESCHE LAANSCHT ;)

.

**UMËLLDUNG?** BIS DEN **30.11.** OB CG@LIONSBLEUS.LU MAT DER UNZUEL U LÉIT

.

**PRÄIS?** 5 EURO PRO KAPP SINN DEN OWEND SELWER MATTZEBRENGEN

**WAT BRAUCH DIR?** GUTT WAARM KLEEDER, **BECHER**



# FNEL SummerCamp ‚den ODYSSEY‘ - SaveTheDate




**LÉIF SCOUTEN, EXPLORER, ROVER an natiirlech LÉIF CHEFFEN,**

Wéi's du scho matkritt hues, si mir frou dech op de nächste Federalscamp vun der FNEL ze invitéieren. A wat fir ee Camp eis do erwaart ! Zesumme gi mir an d'Land vun den Tulpen, Wandmillen an Gouda! Jo du hues et erroden - Mir ginn an Holland! Mee net nëmmen dofir sinn sie bekannt. Komm mir entdecken Holland zesummen an esou ewéi dir et nach nie gesinn hutt. Mir beginn eis dofir op eng Rees ronderëm Zäitalter vun der gëllener Epoch, vun den groussen hollänneschen Entdecker an Kënschtler! Mat iwwer 26 % vu senger Fläsch ënnert dem Mieresspigel an ville Polderen bitt Holland eis eng perfekt Kuliss fir ee Federalscamp, wéi mir en nach net gesinn hunn. Kommt mat eis op des Aventure an erlieft Scoutismus puer, mat villen Outdoor Aktivitéiten, enger rieseger Campplaz direkt um Waasser, onbeschreifleche Momenter an du schléiss och nach Frëndschafte fir d'Liewen !
D'Pré-Inscriptioune sinn ofgeschloss an elo gi mir an déi definitiv Umeldungen eriwwer déi integral iwwert däi Grupp lafen.

**Wéini & Wou :** **19. Juli 2025 - 2. August 2025** am **Scoutscentrum Zeewolde - Holland**
(Oppassen! D'Scouten mussen den 1. September 2024, 11 Joer al sinn fir matzegoen!)

**Praiss :** **650€**
1. Acompte 250,00 € - 15/11/2024 - net remboursabel
2. Acompte 250,00 € - 20/02/2025 - remboursabel bis den 21/05
3. Acompte 150,00 € - 21/05/2025 - remboursabel bis den 01/07

FNEL Camp Fédéral - BGLLLULL LU10 0030 5397 3672 2000 - Commentaire: ODYSSEY25 - ScoutsGrupp - Virnumm Numm

**Unmelldung :** Ass oofgeschloss !!!
> Wann's du den AC01 (non remboursable - 250€) un d‘FNEL iwwerwisen hues an d'Souche bei déngem Chef vun de LionsBleus oofginn hues **bis den 15.November 2024 !**!!

Ech .............................................................
erlaaben méngem
Scout/Explorer/Rover/SC-Chef/EX-Chef

.................................................................
**um Camp Féderal ‚ODYSSEY25'** vum
**19.07.-02.08.2025** vun der FNEL
an Holland deelzehuelen.

Ënnerschrëft vun den Elteren ..............................................

Aide de financement : D'FNEL ass oppe fir all Mënsch, ouni, ënnert anerem, se fir hier sozial Hierkonft oder hir Verméigen ze ënnerscheeden. Esou steet et an de Statute vun der FNEL geschriwwen. A fir all Scout d'Méiglechkeet ze ginn un engem Federalscamp deel ze huelen, besti verschidde Méiglechkeete fir deenen ënnert d'Äerm ze gräifen, déi net esou gutt do stinn. Dest kennen, zesumme mam Grupp an der FNEL, Finanzéierungshëllefen sinn oder och nach d'Opdeele vun de Käschte vum Camp op verschidden Mensualitéiten. Zéckt net äre Gruppechef oder d'FNEL (campfederal@fnel.lu) dorobber unzeschwätzen / schreiwen.

Mir freeën eis, dech mat ob dëst onvergiessbar Rees matzehuelen an zesummen nei Erfarungen an Entdeckungen ze maachen.

**Groetjes, Äre Staff**

# PROGRAMM BEAVER

| | | |
|---|---|---|
| 05.-06.10.2024 | | MONTEE |
| 12.10.2024 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 12.10.2024 | 15:00 - 16:30 | SECOND HAND & LBB SHOP |
| 12.10.2024 | ab 16h15 | Elterenversammlung (English) |
| 19.10.2024 | | keng Versammlung - ViizWeekend |
| 19.10.2024 | ab 16h15 | Elterenversammlung (Français) |
| 20.10.2024 | ab 11h30 | ÄPPELSTUFF & KNIDDELFRIESS |
| 26.10.2024 | | keng Versammlung - Vakanz |
| 02.11.2024 | | keng Versammlung - Vakanz |
| 09.11.2024 | | BV & LX SORTIE |
| 16.11.2024 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 23.11.2024 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 30.11.2024 | | SORTIE |
| 07.12.2024 | | LBB WANTERMAART & KLEESCHEN |
| 14.12.2024 | | keng Versammlung (CH 1.Hellef-WE |
| 21.+28.12.24+04.01.25 | | keng Versammlung - Vakanz |
| 21.+23.12.2024 | | GR-KRËSCHTCAMP |

# PROGRAMM WËLLEFCHER

| | | |
|---|---|---|
| 05.-06.10.2024 | | MONTEE |
| 12.10.2024 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 12.10.2024 | 15:00 - 16:30 | SECOND HAND & LBB SHOP |
| 12.10.2024 | ab 16h15 | Elterenversammlung (English) |
| 19.10.2024 | | keng Versammlung - ViizWeekend |
| 19.10.2024 | ab 16h15 | Elterenversammlung (Français) |
| 20.10.2024 | ab 11h30 | ÄPPELSTUFF & KNIDDELFRIESS |
| 26.10.2024 | | keng Versammlung - Vakanz |
| 02.11.2024 | | keng Versammlung - Vakanz |
| 09.11.2024 | | BV & LX SORTIE |
| 16.11.2024 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 23.11.2024 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 30.11.2024 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 07.12.2024 | | LBB WANTERMAART & KLEESCHEN |
| 14.12.2024 | | keng Versammlung (CH 1.Hellef-WE |
| 21.+28.12.24+04.01.25 | | keng Versammlung - Vakanz |
| 21.+23.12.2024 | | GR-KRËSCHTCAMP |

# PROGRAMM SCOUTEN

| | | |
|---|---|---|
| 05.-06.10.2024 | | MONTEE |
| 12.10.2024 | 14:00 - 16:00 | PatrullenVersammlung |
| 12.10.2024 | 15:00 - 16:30 | SECOND HAND & LBB SHOP |
| 12.10.2024 | ab 16h15 | Elterenversammlung (English) |
| 19.-20.10.2024 | | VIIZ-WEEKEND |
| 19.10.2024 | ab 16h15 | Elterenversammlung (Français) |
| 20.10.2024 | ab 11h30 | ÄPPELSTUFF & KNIDDELFRIESS |
| 26.10.2024 | | keng Versammlung - Vakanz |
| 02.11.2024 | | keng Versammlung - Vakanz |
| 09.11.2024 | 14:00 - 16:00 | Truppenversammlung |
| 16.11.2024 | 14:00 - 16:00 | PatrullenVersammlung |
| 23.11.2024 | 14:00 - 16:00 | Truppenversammlung |
| 30.11.2024 | 14:00 - 16:00 | PatrullenVersammlung |
| 07.12.2024 | | LBB WANTERMAART & KLEESCHEN |
| 14.12.2024 | | keng Versammlung (CH 1.Hellef-WE |
| 21.+28.12.24+04.01.25 | | keng Versammlung - Vakanz |
| 21.+23.12.2024 | | GR-KRËSCHTCAMP |

# PROGRAMM EXPLORER / ROVER / TEMBO

| | | |
|---|---|---|
| 04.10.2024 | | FNEL TB KeelenOwend |
| 05.-06.10.2024 | | MONTEE |
| 12.10.2024 | 14:00 - 16:00 | EX Versammlung |
| 12.10.2024 | 15:00 - 16:30 | SECOND HAND & LBB SHOP |
| 18.10.2024 | | FNEL RO Raclette |
| 19.-20.10.2024 | | VIIZ-WEEKEND |
| 20.10.2024 | ab 11h30 | ÄPPELSTUFF & KNIDDELFRIESS |
| 26.10.2024 | | keng Versammlung - Vakanz |
| 02.11.2024 | | FNEL EX KachDuell |
| 09.11.2024 | 14:00 - 16:00 | EX Versammlung |
| 16.-17.11.2024 | 14:00 - 16:00 | EX WEEKEND |
| 16.-17.11.2024 | 14:00 - 16:00 | LBB SCHAFF-WEEKEND ab EX |
| 23.11.2024 | 14:00 - 16:00 | EX Versammlung |
| 30.11.2024 | 14:00 - 16:00 | EX Versammlung |
| 30.11.-01.12.2024 | | RO/TB WEEKEND |
| 07.12.2024 | | LBB WANTERMAART & KLEESCHEN |
| 14.12.2024 | | keng Versammlung (CH 1.Hellef-WE |

**PëngschtCamp > LBB goes Olympia vum 18.-20.05.2024**



**Dag 1**
De Pëngschtcamp huet fir eis Scouten an Explorer scho Moies fréi ugefaangen. Op der Gare kruten si vum Hermes ee Bréif vun den Olympesche Götter. An dësem Bréif gouf erkläert, dat sech d'Götter e bësse bedru villen a si der Meenung sinn, dat déi Modern Olympesch Spiller net méi dat sinn, wat se fréier waren... Fir dat d'Spiller zu Paräis stattfanne kënnen, mussen d'Lions Bleus sech a verschidden Disciplinne beweisen. Als éischt awer goung et fir eis Scouten an Explorer op ee kléngen Trajet bis op eis Camp Plaz. Eis Wëllef sinn am Nomëtte nokomm, an zesumme goufen d'Zelter opgeriicht a fir Owes gekacht. Mir hate Chance op enger grousser Wiiss direkt beim Bescht konnten eise Camp opriichten. Nom Iessen, ass dunn och den Zeus perséinlech laanscht komm, fir mat de Kanner déi éischt Aufgab ze maachen. Déi wo nämlech ee klenge Quiz, wou eis Kanner beweise misste, wéi clever si sinn! An natierlech hunn si déi Aufgab mat bravure bestanen, a krute vum Zeus hiren éischten olympesche Réng. No dësem ustrengenden Dag, si mir dunn alleguerten an d'Schlofsäck gefall.




**Dag 2**
No enger erhuelsamer Nuecht gouf als aller éischt emol Kaffi gedronk. Et wo immens wichteg sech ze stäerken, wëll deen Dag direkt 3 Götter mat Aufgabe komm sinn! Déi éischt Aufgab koum vum Demeter, d'Göttin vun der Natur. Si wollt kucke wéi vill eis Kanner vun der Natur kennen, an huet si op eng Schnitzeljuegt bis béid Kallekstuffquell geschéckt. Ënnerwee hu mir vill Verschidden Déieren a Planzenaarte gesinn, ënnert anerem och Salamanderen!
Déi zweet Aufgab krute mir vum Ares, Gott vum Krich. Hei missten d'Kanner e puer Sportlech Aufgabe bewältegen an zu richtege Kämpfer ginn. Speerwerfer, Seelzéien a Laafaufgaben, alles wo dobäi!
Owes nom Owesiesse, koum dunn och nach eng Aufgab vum Apollo, Gott vun der Musek. Hei missten d'Kanner ee Stratego Spillen, awer net mat Fändelen, mee mat Musek! Dat wo net esou einfach wéi een am Ufank gemengt huet. Mee trotzdeem hunn d'Kanner all Aufgabe gepackt, a si mat 3 weideren olympesche Renger glécklech Schlofe gaangen!



**Dag 3**
Fir de lëschten Dag, huet de Kanner just nach 1 Réng gefeelt. Dëse sollten se vum Hephaistos kréien, Gott vum Schmadd. Allerdéngs missten si kee Schwäert forme, mee T-Shirten umolen. Dat huet jidderengem vill Spaass gemaach, a mir kruten de lëschte Réng. D'Götter waren immens zefridde mat eis an hunn de Meschen nees erlaabt d'Olympesch Spiller ze maachen. Paräis konnt also lass leen. No dësem ustrengende Camp voller Götteraufgaben, misst just nach eppes gemaach ginn, ofriichten. Zesummen ass dat och ganz séier gaangen. Zum Schluss hu mir just nach eng Chaîne des Adieux gemaach, a jiddereen ass glécklech Heem gaangen. **LOUP**





# RAPPORT Sortie | MEUTE (LX)

**Sortie op d'Fest vun der Natur**

De 15. Juni 2024 hunn sech all eis Wëllefcher op der Kockelscheier getraff, fir zesummen op d'Fest vun der Natur ze goen. Mir hunn e ganzen Nomëtteg verbruecht eis déi verschidde Stänn unzekucken an déi flott Aktivitéiten ze maachen. Mir hunn eis en eegene klenge Gäertchen aus Eeërkartronge gebastelt, wat eng super léif Iddi wor. Mir hu verschidden Déiere geheemelt a gefiddert. Bei engem Stand iwwer Insekte gouf en Daumenkino gebastelt an eng Raup gemoolt. Bei dësem Stand konnt een och e Memory iwwer Raupen a Päiperleke maachen. Natierlech si mir och de Loup besiche gaang deen eis op sengem Stand e Gänsespill organiséiert huet. Ausserdeem hu mir bei him e kengt Spill gemaach, wou ee véier verschiddent Waasser geschmaacht huet. Eent vun dëse wor Krunnewaasser, mir hu keen Ënnerscheed gemierkt a si bal all op dëse kléngen Test eragefall. Zum Schluss gouf et dann nach eng gutt Glace a mir sinn alleguer zefridden Heem gaangen. **Rashka**

natur&ëmwelt
zesumme fir d'natur











# RAPPORT Sortie | BEAVER (BV)







# RAPPORT Sortie | BEAVER (BV)



**BV SchwammSortie**

Den 29.Juni 2024 hunn sech d'Beaver alleguer um 14h00 mat hire Schwammsaachen am Gepäck zu Nidderaanwen an der Schwemm getraff. Hei wollte mir zesummen eng flott Schwammsortie verbréngen an eis schonn op de Summer Feeling preparéieren. Mir hunn also schnell eis Mailloten ugedoen a sinn direkt an d'Waasser gesprongen. Zesummen hu mir e puer Waasserspiller gespillt bis mir dann déi grouss Rutsch entdeckt hu, wou all Mënsch natierlech direkt drop wollt. No villen Rutschpartien, e puer Kappspreng vum Sprangbried an een zwee Ronnen am Outdoor Strudel waren d'Beaver dunn awer och zimmlech midd.
Also hunn mir zesummen nach eng Glace giess an eis da rëm op de Wee heem gemaach. **Titan**

# RAPPORT Léiwefest | GROUPE (GR)








**LéiweFest'24**

Wei all Joer hunn d'Lions Bleus sech och dëst Kéier um Enn vum Joer zesumme fonnt fir d'Léiwefest ze feieren a soumat de Schluss vun eisem Scoutsjoer. Dës Editioun war ganz am Thema vun den Olympesche Spiller. Mat flotter Deko goufen d'Elteren empfaang a kruten den éischten Apero. No leckerem Fingerfood konnten si dann direkt hiert Kennen ënner Beweis stellen am éischte Spill vun de Beaver. Do sinn d'Beaver nämlech géint 3 Elteren ugetrueden an enger Ronn Cornhole a Schlittschongslaaf. Nom Haaptplat, Bifana mat enger Rei Zalote vun eiser Cheffenekipp ass et da weider gaang mat engem Quiz organiséiert vun de Wëllef wou d'Elteren hiert Wëssen zu den Olympesche Spiller teste konnten. No engem flotte Sketch vun de Scouten an engem Parcours organiséiert vun den Explorer wor et dann och schonn Zeit fir den Dessert.
Den Highlight vum Owend war natierlech d'Virstellung vun den néie Gruppecheffe fir d'Joer 2024-25. No enger ergräifender Ried vun den ale Gruppecheffe kruten de Mankei an de Mammut feierlech de Gruppencheffeläffel iwwerreecht a soumat hir Charge fir di nächst Joren. De Recht vum Owend ass gemittlech ausklénge gelooss ginn an et war alles an allem e gelongent Léiwefest. Mir freeën eis schonn op déi nächst Editioun! **Chris**







## RAPPORT FNEL Pow-Wow | GROUPE (GR)





Den 13. an 14. Juli war et erëm esouwäit.
De Pow Wow stoung virun der Dier, an dëst Joer am Thema europäesch Frëndschaft, organiséiert vun der Unité Robert Schuman aus der Staat.
Samsdes Mëttes hunn sech d'Scouten an d'Explorer getraff an haten en Trajet mat engem gemittlechen Owendiessen all zesummen. Sonndes sinn dann d'Wëllef an d'Beaver nokomm a gestart hu mer mat der Partie officielle. No laange Rieden an dem Verdeele vun den Diplomen huet d'Kiermes ugefaang. All Posten war een europäescht Land an esou konnten d'Branchen eng Rees vun Zypern, iwwer Lëtzebuerg bis Holland duerchliewen. Virun der Chaîne des Adieux gouf d'Trophée verdeelt an do si mer esou just laanscht d' 1 Platz gerutscht. No engem laangen Dag si mer dann zesummen erëm heemgefuer. **DAMA**






## RAPPORT Intern.Camp | ROVER (RO)


Eng méi eng speziell an eemoleg Erafahrung sollten 2 Lions Bleus um Internationelen RoverWay an Norwegen zesummen mat glaichgesënnten maan....wéi der dann an deen nächsten Zielen vum Amélie hei liesen kënnt....

**>>> Roverway '24 an Norwegen**

D'Tasha an d'Amélie waren um Ufank vun der grousser Vakanz mat 95 anere Lëtzebuerger um Roverway an Norwegen. No der Urees déi stramm 2 Deeg gedauert huet, ass et déi éischt 4 Deeg mat enger Patrull bestoend aus 6 anere Lëtzebuerger op de Path gaangen. De Path wor zu a ronderëm Trondheim, wat zimmlech nërdlech vun Oslo, der Haaptstad vun Norwegen ass. Mat 6 aneren Patrullen aus Däitschland, Éisträich, Estland, Zypern, Finnland an Tschechien hu mir d'Staat besicht awer och etlech Aktivitéiten dobaussen, wéi zum Beispill en Hike gemaach....

# RAPPORT Intern.Camp | ROVER (RO)






Um International Evening gouf ganz vill gedanzt, sief et Walzer oder traditionell Dänz aus Zypern a Finnland. Mir hu finnesch an däitsch Wieder an Zongebriecher geléiert a ganz vill Spaass gehat. Eng Saach hu mir awer ganz vill vermësst an zwar wor dat eng Dusch. Mee no 5 Deeg ouni si mir alleguer zesummen um éischten Owend vum Hike an e kale Séi gesprong. Frësch gewäsch ass et dann nom Rescht vum Hike a Richtung Stavanger op den Main Camp gaang. Um Main Camp hunn sech da schlussendlech all déi 5.000 Participante getraff fir Foularden, Badger an Erfarungen ze sammelen. Et gouf iwwer 6 Deeg lauter verschidden Aktivitéiten ënnert deenen een eraussiche konnt wat ee gäre maache wëll. Mir si Kanu gefuer, hu geschnëtzt, flott Spiller gespillt, si Stavanger mat Hëllef vun enger Schnitzeljuegt erkund, hunn iresch Dänz geléiert a sinn am Mier schwamme gaang. Mir hunn e klenge Survival Training, dee mat enger richteg flotter Geschicht an sou enger Aart Escape game verbonne wor. Owes hu mir wonnerschéi Sonnenënnergäng genoss, am Open Air Kino Filmer oder PowerPoint Karaoke gekuckt oder mir waren an deene verschiddenen Food Houses. Och um Main Camp gouf et en International Event an zwar souguer fir e ganzen Dag. All Land hat e Stand mat verschidde Spiller oder Aktivitéiten déi ee maache konnt. Erëm gouf vill gedanzt an dat bei den Ukrainer, de Griichen an den Tschechen. Och giess hu mir gutt et gouf déi regulär Foodhouses ee Schwäizer, een Däitscht an een Hollännescht an zum International Day gouf et dann nach beim Poste vu Malta ganz vill Séisses ze schmaachen. Genausou beim den Islänner, den Zyprioten, de Schweden an den Ukrainer. D'Wieder wor ofgesi vun deenen éischten zwee Deeg super gutt. D'Sonn huet vill geschéngt an et wor och ëmmer eng gutt Lëftchen do. Mir sinn zimmlech vill mam Zuch gefuer wat et erméiglecht huet, ganz vill verschidde Landschaften ze gesinn. Déi Streck vun Oslo bis op Trondheim wor besonnesch interessant. Mir sinn 8 Stonne mam Zuch gefuer a si laanscht Séien, héije Bierger, klengen Dierfer mat deenen typesche rouden Haiser an iwwer impressionant Plateau'e mat enger stengeger Landschaft gefuer. Et wor eng super flott Erfarung déi mir zesumme mat néie ganz léiwe Frënn gedeelt hunn. **Tasha an Amélie**


















## An eisem **SHOP** vun de **Lions Bleus** am Home LBB zu Bouneweg ginn ët folgend Saachen ze kaafen:

in the PACKAGE

**T-SHIRT & HOODIE**

fir nëmmen:
**45 EURO**




T-shirt 17€



Knuet 5€




Pullover 30€



Foulard 10€


and many more to . . .

Am **LBB-Shop** an eisem Home kriss du **Gruppensaachen** ewéi **Hoodie**, **T-Shirt**, **Foulard** & an nach villes mèi.
Du kriss also Alles waat mat de Lions Bleus ze dinn huet, awer och **Kniet** fir un däin **Foulard**, **Scoutsbichelecher** ewéi och de **Vademecum**...

>> Aussserdem verkaafen mir och OccasionsHiemer <<
du kriss dëst schon fir 15 € ...

Next **Datumer** wou den **SHOP** op ass:
... **12/10/2024** & SecondHand ... 16/11/2024 ... 01/02/2025 ...

# NEWS LBB - LIB séng PostKaartenSammlung




# FNEL - KALENNER

FNEL SCOUTS-SHOP
**Adresse:**
61A, rue de Trèves
L-2630 Cents
Tel: 26 48 04 50

Ouvertures:
**17:00 - 19:00**
Den ScoutsShop ass **ëmmer Donneschdes** op, ausser während den Schoulvakanzen!

| | |
|---|---|
| 04.10.2024 | TB KeelenOwend |
| 11.10.2024 | FormationsSoirée BV |
| 11.10.2024 | FormationsSoirée SG/EX |
| 12.-13.10.2024 | FormationsWeekend LX |
| 18.10.2024 | RO Raclette |
| 18.-20.10.2024 | JOTA-JOTI |
| 26.10.-03.11.2024 | ALLERHELLJEN-VAKANZ |
| 26.-29.10.2024 | FormationsCamp BV |
| 26.-29.10.2024 | FormationsCamp LX |
| 26.-29.10.2024 | FormationsCamp SG/EX |
| 02.11.2024 | EX KachDuell |
| 09.-10.11.2024 | Tronc Commun (1) |
| 16.-17.11.2024 | Tronc Commun (2) |
| 23.-24.11.2024 | Tronc Commun (3) |
| 27.11.2024 | CoGro |
| 13.12.2024 | SG Meet & Greet |

# ET SCHÉNGT ...

01) wéi wann eis't Raschka um Pëngschtcamp hiir Stëmm strapazéiert haat an se op 1x fort wor ;(
02) daten d'Wëllefcher letztens verschidden Scoutstechniken wéi z.B. Kaart liesen méi nobruecht kruuten.
03) wéi eis Gruppencheffen: Loup, Dama & Fugu an hiir wuelverdingten CG Pension gaangen sinn.
04) wéi wann eisen Summercamp ganz vill Uklang fonnt haat, an dofir och vill Besuch laanscht komm ass.
05) dat d'CH-Ekipp fir dës Joër groussen Nowuess kruuten an dës sëch fir eng Foramtion entscheed hun.
06) wéi wann eisen Terrain beim Home owes vun aaneren Liewenwiesen wéi eis genotzt gët.
07) wéi wann eng Tembo sëch endlech iwwerluecht huet/kruut zu enger Lëtzebuergerin ze ginn.
08) dat mer bei der letzter Kontroll vun der SuperDrecksKëscht kee sou e gudden Androck hannerlooss hun.
09) dat eis Blo Léiwen Famill Enn Januar nees ëm een weideren Member méi grouss wärt ginn.
10) wéi wann bei eisen BV Hochbeeter & Biowand beim Home eventuell wuel ze gudd gedüngt ginn wiir.

# ET SCHÉNGT NËT NËMMEN ...

01) wéi wann eis gudd Wëllefcher (dës kéier) anscheinend mol nët Schold woren dofir...
02) wéi wann daat nach nët esou gudd klappt, an Sie ouni Plang an queesch duerch de Bësch gelaaf sinn.
03) dat sie lo den Zäpter un den Mankei & Mammut weidergereegt hun an dës lo duerfen runklotzen.
04) dat richteg dës Joër richteg eng lass wor, virunallem well ëmmer nees Häräspelen op Visite koumen.
05) wéi wann Sie ganz gudd ugefaangen hun um CH-WE an voll motivéiert an engagéiert sinn...
06) dat'en wuel d'Wëllschwain an der Nuecht flott Party'en feieren an Alles gudd Duerchwullen.
07) dat daat lo also d'Ëmwandelung vun der ‚Fritt' zur ‚Kniddel' geschidd ass ?? Wëllkomm soen mir.
08) wéi wann lo eng Persoun désignéiert gët fir eng besser Suite, an dat mer eisen Label zerèck kréien.
09) wéi wann d'Camie sëch schons drop freet nët méi alleng ze sinn an den Atra&Lynn Nowuëss erwaarden.
10) dat d'Gréngs & co aus allen Lächer wiisst an kaum méi bewältegbar ass, lo an Ugrëff geholl muss ginn.

# LBB MEMES










# LES AMIS DES LIONS BLEUS

M.Schintgen Claude, Melle Meyer Arlette, MM Majerus Tina, MME Reifenrath Katrin, MM Fay-Bisdorf, M.Sinner Robert, Thibo Charles, Anonyme, MM Majerus Patrick, M.Minn Claude, Fam. Theisen/Jhang Katia, M.Grün Joe, M.Rohmer Kevin, MM Heinen Gerard, Fam. Reiners, Fam. Zimer, Fam. Reuter-Schantzen, . . .

## oktober'24

| | | |
|---|---|---|
| Dë | 1 | |
| Më | 2 | |
| Do | 3 | |
| Fr | 4 | FNEL TB KeelenOwend |
| **Sa** | 5 | **MONTEE** |
| **So** | 6 | **MONTEE** |
| Me | 7 | |
| Dë | 8 | |
| Më | 9 | |
| Do | 10 | |
| Fr | 11 | |
| **Sa** | 12 | BV/LX/PV/EX<br>LBB Shop & SecondHand & EV(E) |
| **So** | 13 | |
| Me | 14 | |
| Dë | 15 | |
| Më | 16 | |
| Do | 17 | |
| Fr | 18 | FNEL RO Raclette |
| **Sa** | 19 | **VIIZ-WE ab SG** & EV(F) |
| **So** | 20 | **VIIZ-WE & ÄPPELSTUFF fir Jiddereen** |
| Me | 21 | |
| Dë | 22 | |
| Më | 23 | |
| Do | 24 | COMITÉ |
| Fr | 25 | |
| **Sa** | 26 | |
| **So** | 27 | |
| Me | 28 | |
| Dë | 29 | |
| Më | 30 | |
| Do | 31 | |

## november'24

| | | |
|---|---|---|
| Fr | 1 | |
| **Sa** | 2 | FNEL EX Kachduell |
| **So** | 3 | |
| Me | 4 | |
| Dë | 5 | |
| Më | 6 | |
| Do | 7 | |
| Fr | 8 | |
| **Sa** | 9 | TV/EX<br>**BV/LX Sortie** |
| **So** | 10 | |
| Me | 11 | |
| Dë | 12 | |
| Më | 13 | |
| Do | 14 | FNEL Échange Comité |
| Fr | 15 | |
| **Sa** | 16 | BV/LX/PV<br>**EX-WE & LBB SchaffWE** |
| **So** | 17 | **EX Weekend & LBB SchaffWeekend** |
| Me | 18 | |
| Dë | 19 | |
| Më | 20 | |
| Do | 21 | COMITÉ |
| Fr | 22 | |
| **Sa** | 23 | BV/LX/TV/EX |
| **So** | 24 | |
| Me | 25 | |
| Dë | 26 | |
| Më | 27 | |
| Do | 28 | |
| Fr | 29 | |
| **Sa** | 30 | LX/PV/EX<br>**BV Sortie & RO/TB WE** |

## dezember'24

| | | |
|---|---|---|
| **So** | 1 | **RO/TB Weekend** |
| Me | 2 | |
| Dë | 3 | |
| Më | 4 | |
| Do | 5 | |
| Fr | 6 | |
| **Sa** | 7 | **LBB Wantermaart & Kleeschen** |
| **So** | 8 | |
| Me | 9 | |
| Dë | 10 | |
| Më | 11 | |
| Do | 12 | |
| Fr | 13 | |
| **Sa** | 14 | keng Versammlung<br>**1.Hëllef WE ab CH** |
| **So** | 15 | **1.Hëllef WE ab CH** |
| Me | 16 | |
| Dë | 17 | |
| Më | 18 | |
| Do | 19 | COMITÉ |
| Fr | 20 | FNEL WinterWonderLand |
| **Sa** | 21 | **GR-KrëschtCamp** |
| **So** | 22 | **GR-KrëschtCamp**<br>FNEL RO Krëschtpatt Rhum |
| Me | 23 | **GR-KrëschtCamp** |
| Dë | 24 | |
| Më | 25 | |
| Do | 26 | |
| Fr | 27 | |
| **Sa** | 28 | |
| **So** | 29 | |
| Me | 30 | |
| Dë | **31** | VACANCES NOËL bis 05/01/25 |

# ALLERLÄSCHT WANDROUS - SÄIT

LBB sicht deen 'STÄRKSTEN CHEF'
.... Hei ass dann déi éischten
Kandidatur, mat hiirer Propose:
...Wéi laang kënne MIR den Auto vum
Lynx an der Luucht haalen ;) ...




LUXEMBOURG 1

Port payé

P/S 057

* THATS ALL FOLKS ...